N°8205
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8205 vum 3. August 2023 vum Här Deputéierten Guy Arendt an vum Här Deputéierten Gusty Graas.**

*Gëtt et eng Statistik iwwer Accidenter, déi am virgenannten Zesummenhang stattfonnt hunn?*

Et gi keng Statistike vu menge Servicer an dësem Kontext gefouert.

*Bestinn momentan Pläng fir eng Vitessreduktioun op de Stroosse bei enger Dréckjuegd anzeféieren?*

Op de Staatsstroosse gëllt allgemeng Folgendes:

Fir Klappjuegte ginn op Basis vun enger "Permission de voirie" Warnschëlter *(A,14 « indication de l'approche d'un tronçon de voie publique où existe un risque que des animaux traversent la chaussée »* oder *A,21 « indication de l'approche d'un tronçon de voie publique qui comporte ou peut comporter un danger autre que ceux indiqués par les autres signaux d'avertissement de danger »*) mam Zousaz "ATTENTION BATTUE" op de betraffenen Ofschnëtter opgestallt.

Dës Schëlder gi vun de Jeeër selwer matzäit opgestallt an de selwechten Dag och erëm ewechgeholl.

Eng zousätzlech Reduktioun vun der maximal erlaabter Geschwindegkeet, déi iwwert en "Règlement ministériel de circulation" misst ugefrot a geneemegt ginn, ass net virgesinn.

Konform zum Code de la Route, kënne Verbuets- respektiv Gebotsschëlter op de Staatsstroossen och nëmme duerch d'Stroossebauverwaltung opgestallt ginn. Op de Gemengestroossen kann dëst just duerch déi zoustänneg Gemeng realiséiert ginn.

Fir d'Automobiliste besser ze sensibiliséieren an op méiglech Risiken duerch d'Klappjuegd hinzeweisen, ass et allerdéngs duerchaus denkbar, duerch spezifesch Schëlder besonnesch op déi ausgeschëldert Gefor (A,14 oder A,21) hinzeweisen, fir dat d'Automobilisten hiert Fuerverhalen an och hir Geschwindegkeet der Gefor entspriechend upassen an esou de Risiko vun engem Accident reduzéiert gëtt. Dës Moossnam ass och schonn an der Vergaangenheet mat Vertrieder vun der Juegd ugeschwat ginn.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch